

Wie Schoul seet, seet och Chancëgerechtkeet fir all Kand, egal vu wou et kënt a wéi et heescht. Mir mussen endlech eraus aus deem Cercle vicieux, an deem d'Hierkonft, d'Mammesprooch oder de Portmonni vun den Elteren doriwwer entscheeden, wéi vill Chancen e Kand an der Schoul huet fir ze reusséieren.

Déi lescht Jore gouf villen an deem Beräich beweegt. Ënnert dem Bildungsminister Claude Meisch gouf villen verbessert. D'Chancëgerechtkeet ass zum Leetfuedem vun der Bildungspolitik ginn, mais il reste du pain sur la planche. Ech wëll mech op alle Fall derfir asetzen, dass eis Kanner an de Schoule beschtméiglech op hir Zukunft preparéiert ginn.

En anere Sujet, dee mir um Häerz läit, ass eng dezent Wunneng fir jiddereen. Et dierf net sinn, dass eng Koppel, déi schafft, bal d'Hallschent vun hirem Akommes fir de Loyer oder op d'Schold vun der Wunneng respektiv vum Haus bezuuele muss. Als Member vun der Logementskommissioun wäert ech dësen Dossier genee suivéieren. Et ass mat dee gréisste Problem, dee mir am Land hunn. Dank menger Erfahrung wäert ech hei kënnen matschaffen. Dofir sinn ech ëmsou méi frou, fir elo kënnen an der Kommissioun matunzepaken.

Ech wäert den neie Familljeminister Max Hahn och an der Ëmwelt- a Klimakommissioun vun der Chamber ersetzen. Dat ass e Beräich, deem dem Max schonn ëmmer um Häerz louch, an deem hie vill Energie gestach huet. Ech wäert mech mat deem nämmelechen Asaz an Engagement an déi Dossiere knéien; et ass nämlech fënnf vir zwielef! De Klimawandel ass déi gréisst Eerausforderung fir d'Mënschen op der ganzer Welt.

Ech wëll mech och derfir asetzen, dass Lëtzebuerg sech un d'Ziler vum Paräisser Klimaofkommens hält. Klima- an Ëmweltschutz sinn eng absolutt Prioritéit. Et geet hei ëm d'Zukunft vun den nächste Generatiounen, et geet ëm eis Kanner a Kandskanner. Mir hunn d'Flicht an d'Verantwortung, hinnen e liewenwäerte Planéit ze hannerloossen, dat ass och eng Fro vu Gerechtegkeet. A just als Independante wëll ech an deem Kontext ervirhiewen, datt mer net dierfen de Feeler maachen, Ëmwelt- a Wirtschaftspolitik géinteneen auszespillen. Nee! Mir brauchen eis Natur an awer och performant Betriber, déi d'Grundlag vun eise Rächtum bilden.

Iwwregens wollt ech als Kand ëmmer Mecanicienne ginn, e Beruffschoiz, mat deem meng Mamm awer net averstane war – och wann ech duerno nawell al Autoe restauréiert hunn, an dat maachen ech haut nach. An ech sinn nach ëmmer begeeschtert vun der Mobilitéit. An och, wann ech leider d'Vitess gär hunn, sinn ech mer bewosst, dass mer besonnesch an der Mobilitéit en Ëmdenke brauchen. Et ass gutt, dass d'Enn vun Verbrennungsmotor ëmmer méi no kënt. Hei dierf et keng Exceptioun ginn. Déi elektresch Mobilitéit ass d'Zukunft an hei muss d'Infrastruktur progressiv augeweit ginn, esou dass d'Transitioun gélinge kann. Och dierfe mir déi Leit net vergiessen, déi manner gutt gestallt sinn. Mir musse si mathuelen an net ausschléissen.

Här President, Léif Kolleeginnen, Léif Kolleegen, ech weess, dass ech nach vill léiere muss, zum Beispill d'Finess vum aldeegleche Fonctionnement vun der Chamber. Warscheinlech muss ech och vill, vill léieren, e weíne méi Gedold ze hunn.

(Brouhaha)

Mee ech kann Iech a menge Wielerinnen a Wieler versécheren, dass ech ëmmer ech selwer wäert bleiwen a mech éierlech engagéiere wäert. Dofir wäert ech och net zécken, fir de Mond opzedinn, wann ech eng Decisioun ongerecht fannen oder eng Mesür net novollzéie kann. Ech fonctionéieren iwwregens ganz nom Prinzip: „Love it, change it or leave it.“

(Brouhaha)

Ech war Educatrice, Léierin, dunn hat ech iwwer 20 Crèchen. Zanter méi Kuerzem sinn ech Foraine. An elo wëll ech mech fir eng sozial, liberal a gerecht Politik asetzen, eng Gesellschaft schafen, an där jiddere seng Plaz fanne kann – wann e sech natierlech och drugëtt.

Schliisslech wëll ech op dëser Plaz dem Tilly Merci soen, dass hatt ëmmer u mech gegleeft huet, och wann ech heiansdo alles a Fro stellen. Dem Corinne och e léiwe Merci, dass hatt mech ëmmer déi richteg Momenter encouragéiert huet. Menger Famill merci, well ouni si wier ech net hei. An de Bonjour an en décke Merci do uwee menge Frëndinnen, a besonnesch Fussballsfrëndinnen, déi de Wee haut heihi fonnt hunn.

Der DP-Fraktioun sinn ech dankbar fir de Support an de leschten Deeg an ech wënschen och dem Max Hahn vill Succès a senger neier Fonctioun. Zesumme mat menge Fraktiounskollege setze mir eis fir eng Gesellschaft an, déi oppen ass fir jiddereen. Eis sozial-liberal Valeur sinn de Kär vun eise gerechten an tolerante Lëtzebuerg, fir dat mir schaffen.

Esou, genuch geschwat, a lass! Ech freeë mech, mat Iech zesummen ze debattéieren an eppes fir eist Land ze beweegen.

Plusieurs voix | Très bien!

(Applaudissements)

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Agostino. Mir wënschen Iech all vill Freed a Satisfaktioun an Ärer neier Funktioun.

6. Changements de composition de commissions parlementaires

Wat d'Zusammensetzung vun de parlamentaresche Kommissiounen ubelaangt, hunn ech folgend Ofännerunge matgedeelt kritt:

An der Commission des Comptes ersetzt d'Madamm Barbara Agostino den Här Gusty Graas.

An der Commission des Affaires intérieures et de l'Égalité entre les femmes et les hommes ersetzt den Här Frank Colabianchi den Här Max Hahn.

An der Commission de la Digitalisation, des Médias et des Communications ersetzt d'Madamm Barbara Agostino d'Madamm Carole Hartmann.

An der Commission de la Mobilité et des Travaux publics ersetzt d'Madamm Barbara Agostino den Här Max Hahn.

An der Commission de l'Environnement, du Climat, de l'Énergie et de l'Aménagement du territoire ersetzt d'Madamm Barbara Agostino den Här Max Hahn.

An der Commission de la Sécurité intérieure et de la Défense ersetzt d'Madamm Barbara Agostino den Här Max Hahn fir de Volet „Sécurité intérieure“.

An der Commission de la Famille et de l'Intégration ersetzt den Här Claude Lamberty den Här Max Hahn.

A schliisslech an der Commission du Logement ersetzt d'Madamm Barbara Agostino den Här Max Hahn an d'Madamm Lydie Polfer ersetzt den Här Frank Colabianchi.

Gëtt et iergendwellech aner Ännerungsvirschléi?

(Négation)

Ech gesinn, datt dat net de Fall ass. Ass d'Chamber mat dësen Ännerungen averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

7. Changements de composition de délégations parlementaires luxembourgeoises auprès des assemblées internationales

Wat d'Zusammensetzung vun de parlamentareschen Delegatiounen ubelaangt, ass folgend Ännerung agaan: An der Délégation luxembourgeoise auprès du Conseil parlementaire interrégional, dem CPI, ersetzt d'Madamm Barbara Agostino den Här Claude Lamberty als effektive Member.

Gëtt et dozou iergendwellech aner Ännerungsvirschléi?

(Négation)

Ech gesinn, datt dat net de Fall ass.

Ass d'Chamber mat dëser Ännerung averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

8. 8197 – Projet de loi autorisant l'État à participer au financement du développement de logements abordables et d'un bâtiment à usage mixte du projet « Cité militaire » à Diekirch

Den nächst Punkt um Ordre du jour vun haut ass de Projet de loi 8197 iwwer d'staatlech Finanzéierung vun abordabele Wunnengen a vun engem Gebai vum Projet „Cité militaire“ zu Dikrech. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo d'Madamm Rapporteuse vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Semiray Ahmedova. Madamm Ahmedova, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission du Logement

Mme Semiray Ahmedova (déi gréng), rapporteuse | Merci, Här President, fir d'Wuert. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech stellen Iech haut e Finanzéierungsprojet vir, deem et wäert erméiglechen, weider abordabel Wunnengen ze bauen, dat Ganzt am Norde vun eise Ländchen, nämlech zu Dikrech.

D'Cité militaire dréit den Numm dank hirer Geschicht, wëssend, datt fréier do Wunnenge fir den Härebierg waren an och Leit vun der Arméi do gewunnt hunn. Et waren och Verwaltungsgebaier, déi och nach haut benotzt ginn. Hei huet den éffentleche Promoteur SNHBM zesumme mat der Stad Dikrech probéiert, en harmonesche stätesche Projet auszuschaffen. Wichteg war, den éffentleche Raum fir d'Leit opzemaachen an accessibel ze maachen an de Parking maximal ze reduzéieren, natierlech do, wou et géeegeent ass.

Et ass och en innovative Parking an deem Sënn, wou d'Gemeng sech och bereet erkläert huet – wat ganz interessant ass –, d'Gestioun ze iwwerhuelen. Innovativ, well et ass gekuckt ginn zwëschen Leit, déi wierklech do wunnen, an deenen, déi op Dikrech schaffe ginn, zu wéi engen Auerzäite wien do wäert present sinn, fir eeben eng intelligent Gestioun vun deem Ganzen ze maachen.

Wéi scho virdru gesot: D'Zil vum Gesetzesprojet ass et, der Regierung ze erméiglechen, sech um Finanzéierungsprojet finanziell ze bedeelegen, fir eeben abordabel Wunnenge kënnen ze bauen.

Dëse Projet vun der Cité militaire, déi vum éffentleche Promoteur SNHBM, der Société nationale des habitations à bon marché, gebaut wäert ginn, ass e Projet, deem och de Bau vun engem Gebai à usage mixte virgesäit, mat notament verschiddenen éffentleche Fonctiounen souwéi ënner anerem Wunnenge fir

d'Lëtzebuerger Armée. Insgesamt hu mer hei 184 nei Wunnengen fir ongeféier 420 nei Awunner.

Ech komme kuerz zu de Finanzéierungsaspekter vun dësem Projet. De Projet besteet aus ronn 17.000 Quadratmeter Wunnfläch, wouvunner 91 % fir d'subventionéiert Locatioun virgesi sinn an 9 % fir de subventionéierte Verkaf. Subventionéiert oder eeben net subventionéiert Wunnengen wäerten enger Rei vun identesche Konditiounen ënnerleien. Engersäits muss de Keefer e Maximum vun Akommes respektéieren. Déi betraffe Wunnengen gi mat enger Emphyteos vun 99 Joer verkaft. Während der Dauer vun der Emphyteos huet déi öffentlech Hand zu all Moment e Réckkaufrecht op deene Wunnengen. Dat wieren u sech déi dräi wichtegst Konditiounen.

D'Zil ass et, déi Wunnengen, déi vun der öffentlecher Hand natierlech gebaut ginn – nach eng Kéier: subventionéiert oder net subventionéiert –, fir eng länger Zäit an der Abordabilitéit natierlech ze halen.

(Brouhaha)

De geplangte Locatiouns- a Verkaufsverdeelungsschlüssel ... Et deet mer leed, mee ech kréie mech wierklech net konzentréiert, well et ass e bësse Kameidi.

(Interruption)

Ech héiere mech selwer net. Et deet mer wierklech leed.

M. Fernand Etgen, Président | Madamm Ahmedova, Dir hutt Recht. An ech hoffen, dass déi aner dat och alleguer esou gesinn!

Mme Semiray Ahmedova (déi gréng), rapportrice | Merci. De geplangte Locatiouns- a Verkaufsverteilungsschlüssel spigelt de politesche Wëllen, fir méi bezuelbar Wunnengen ze bauen, besonnesch Mietwunnengen, an op deem Wee am Aklank mam Regierungsprogramm 2018–2023 ze sinn. Ech brauch et wuel net ze widerhuelen, mee d'Zil vun der aktueller Logementspolitik ass et, massiv bezuelbar, öffentlech an nohalteg Wunnengen ze bauen.

Zréck zu de Käschte vum Projet: Bei der Cité militaire belafe sech d'Participatiounskäschte vum Staat fir d'Schafe vu bezuelbare Wunnengen op insgesamt 52 Milliounen Euro. De Staat bedeelegt sech natierlech och un dem Bau vum Bâtiment à usage mixte an hei sinn 137 Milliounen virgesinn. Fir d'Detailer, wéi déi Milliounen opgedeelt ginn, verweisen ech hei op mäi schrëftleche Rapport, wou en explizitten Tablo virläit, wou een dat alles kann nokucken an norechnen. De Projet gëtt a verschiddene Phasen duerghefuert a gëtt 2031 fäerdeg.

Ech wollt Iech awer och e puer Virdeeler vun deem Projet virlesen. De Projet respektéiert de kommunalen a staatleche Wëllen, fir nei, dynamesch an attraktiv Wunnquartieren ze schafen. De PAP vun der Cité militaire ass opgebaut op dem Prinzip vum der nohalteger Entwécklung a profitéiert vun der Proximitéit vum öffentlechen Transport, vun öffentleche schouleschen Infrastrukturen a weidere Servicer a Gréngflächen.

Den Duerchgangstrafack am Quartier ass limitéiert. Gefierer, Vëloen a Foussgänger deele sech hei eng Spuer, déi och en Treffpunkt soll si vun deene verschiddenen Acteuren. An dofir ass och d'Vitess hei op 20 km/h reduzéiert. An anere Wieder ass dat natierlech e Shared Space.

Dës bewosst Approche gouf entwéckelt, fir den Autosverkéier ze limitéieren an e sécher Foussgängergebitt ze bidden plus natierlech gläichzäiteg de sozialen Austausch ze fërderen. De Quartier zeent sech duerch eng innovativ Approche vum Parkraummanagement aus. All Parkplaz a Vëloplaz, sief dat privat oder

öffentlech, sinn an engem gemeinsame Parking gesammelt, an engem gemeinsame Gebai.

Den Aménagement vun den öffentleche Plaze leeft am Fong ronderëm zwou Haaptachsen of: Déi eng ass an nordsüdlech Richtung orientéiert an déi zweet Achs a Richtung Sauer.

Kuerz zu den Avisen an da sinn ech bal duerch: Also, zu deem Moment, wou mer och de Rapport an der Kommissioun ugeholl hunn, louche keng weider Avice vir, ausser natierlech deem vum Staatsrot, an deem hat keng weider Observatiounen zu dësem Gesetzesprojet. En attendant krute mer awer nach den Avis vun der Chambre de Commerce an natierlech begréisst si de Projet, mat enger klenger Remark, déi mer sécherlech allegueren deelen: Dat ass, dass et eeben net séier genuch geet.

Dat alles gesot, ginn ech selbstverständlech den Accord vun der grénger Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci der Madamm Rapportrice Semiray Ahmedova.

An als éischte Riedner ass den honorabelen Här Marc Lies ageschriwwen. Här Lies, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marc Lies (CSV) | Merci, Här President, fir d'Wuert. Dir Dammen an Dir Hären, ech soen der Rapportrice, dem Semiray Ahmedova, direkt am Virus Merci fir hiren ausféierleche Rapport, an deem se eis e bëssen iwwert d'Technicitéit vun dësem Projet dann och bericht huet.

D'Cité militaire, déi an deenen nächste Joren da soll revitaliséiert ginn, bon, ech mengen, wat do och wichteg ervirzehiewen ass: dass e gesonden, proppeeren Urbanismus do wäert bestoen, dass heescht, dass d'Proximitéit zum öffentlechen Transport assuréiert ass, dass öffentlech Infrastrukturen a Schoulinfrastrukturen à proximité sinn an dass natierlech och eng Partie Gréngfläche ronderëm sinn, soudatt een och dovun kann ausgoen, dass eng gutt Qualité de vie hei op dëser Plaz wäert sinn.

Dee ganze Quartier wäert esou amenagéiert ginn, mat enger grousser Garage am Sous-sol, dass effektiv uewen am Quartier selwer eng Zone de rencontre wäert ëmgesat ginn, soudatt d'Qualité de vie fir déi Leit, déi do an Zukunft wäerte wunnen, wierklech groussgeschriwwen wäert ginn.

Bon, ech mengen, e Bemoll, deen och schonn d'Rapportrice gesot huet, dass ass dann effektiv de Phasage, vu dass d'Aarbechten awer hei da praktesch iwwer néng Joer ginn. Dat huet se di mat den Infrastrukturen respektiv mat dem Bâtiment mixte respektiv deenen administrative Gebailechkeeten, déi nach do sinn, déi fir d'éischt op enger anerer Plaz musse geschafe ginn, fir dann dëst Gebai kënnen ofzerappen. Initial war och ugeduecht, fir déi Gebailechkeete vun der Armée ze sanéieren, mee à la fin du compte ass awer festgehalen ginn, dass dat sollt, och aus energeetesche Grënn, dann demoléiert ginn an nei opgebaut ginn, wat da vun der SNHBM soll assuréiert ginn.

Hei eng kleng Kritik awer och vun eiser Säit aus: Et ass e Projet, dee ronn 50.000 Meterkaree beinhalt, zwee Drëttel vun dësem Projet ginn awer zréck op de Bâtiment mixte. Dass eng öffentlech Wunnengsbau-gesellschaft wéi beispillsweis d'SNHBM dann och hei nach mat bäigeholl gëtt, fir en administratiiv Gebai, dass fir d'Armée gebaut gëtt, wou notament awer och 60 Wunnenge gebaut ginn ... Mir gesi schonn, dass d'Promoteurs publics praktesch um leschte Lach

päifen, ob dass d'SNHBM ass, ob dass de Fonds du logement ass, an duerfir wär et hei effektiv méi opportuntun gewiescht, dass Ganz iwwer Marché public dann eventuell un e privaten Entrepreneur, e Constructeur ze ginn, fir dass dann éischstens emol d'Privatwirtschaft ...

Ben, ech mengen, hautzudaags gesi mer jo, wéi d'Situatioun ass: Mir wëssen net, wéi d'Situatioun um Enn vun dësem Joer ass, ob do net deen een oder aneren Entrepreneur oder Handwerksbetrieb an Enkpass wäert kommen. Duerfir wär et hei sécherlech méi opportuntun gewiescht, dass iwwer e Marché public un e Entrepreneur oder Promoteur kënnen ze ginn, fir dann dee Moment och d'Promoteurs publics, wann et ëm den öffentlechen Wunnengsbau geet, ze entlaaschten. Dass ass hei leider net virgesinn.

Wat de Projet en tant que tel ugeet, mengen ech, mat enger Densificatioun vun 90 Wunnengen op den Hektar ass dass schonn eenegermoossen dense. Et gouf och im Nachhinein bei dem Bâtiment mixte nodesifizéiert, wat, mengen ech, och eng gutt Approche ass, fir esou vill wéi méiglech Surface konstruierete brute eeben op e Bruttobauterrain kënnen ze bauen. Dofir mengen ech, dass dës Ratio wierklech gutt a wierklech gelongen ass. Ech hat et virdu scho gesot, dass sécherlech eng gutt Qualité de vie do wäert entstoën, vu dass eng ganz Partie öffentlech Servicer an awer och Commerces de proximité an der Noperschaft sinn.

Wat de Käschtepunkt ugeet, do kann een och soen, dass de Ratio bei 3.817 Euro de Meterkaree Surface konstruierete brute op 190 Milliounen gerechent an der Rei ass. Et gëtt aner Projeten, déi och an der Lescht diskutéiert gi sinn, wou de Präis pro Surface konstruierete brute definitiv demesuré ass, awer hei kann ee wierklech soen, dass dee Präis rasonabel ass.

Vläicht nach e lescht Wuert zu deem, wat d'Wunnengen ugeet, respektiv och, ënnert wat fir enger Form se ëmgesat sollte ginn: 91 % Locatioun fanne mir definitiv eppes ze héich fir eng sozial Mixitéit. Fir déi ze assuréieren, wär sécherlech en anere Ratio, ëm 60 % Locatioun a 40 % Vente, vläicht méi interessant bei esou engem Projet ëmzesetzen. Dofir, ech mengen, mir hunn dat an der Vergaangenheet ëmmer gesot, bei all Projet: Wann et ëm en neie PAP respektiv ëm en neie Projet de construction och fir Logement abordable geet, sollt ee wierklech kucken, dass eeben déi Mixitéit och assuréiert gëtt an och soll assuréiert bleiwen. Wéi gesot, mat 91 % ass dass vläicht e bëssen ze héich.

Dofir, an deem Sënn merci fir Äert Nolauschteren. An ech ginn och heimat den Accord vun der CSV-Fraktioun. Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Villmools Merci, Här Lies. An da wär et um honorabelen Här Frank Colabianchi. Här Colabianchi, Dir hutt d'Wuert.

M. Frank Colabianchi (DP) | Här President, fir d'alleréischte e ganz déckel Merci un d'Rapportrice fir deen exzellente schrëftlechen a mündlechen Rapport, wat mir dann och erlaabt, mech relativ kuerz kënnen ze halen.

Op alle Fall si mir als DP ganz, ganz frou, dass mer haut de Vott betreffend de Finanzement vun dësem Wunnprojet „Cité militaire“ zu Dikrech huelen, esou dass mir och d'Kreatioun vun dann am Ganzen 184 Wunnengen fir ronn 420 Awunner bis 2031 a Phasen erméiglechen, dëst um fréieren Areal vu ronn 2 Hektar an zu engem Käschtepunkt vu liicht iwwer 190 Milliounen.

Här President, Kolleegen a Kolleeginnen, d'Regierung huet d'lescht Woch e Mesürepak vun 150 Milliounen Euro fir de Bausektor presentéiert, deen engersäits

Aarbechtsplazen ofséhere soll an anerersäits weider Wunnengen iwwert déi nächst Méint a Jore schafe soll, Wunnengen, déi ganz, ganz sécher batter néideg sinn. Et ass kloer, dass mer zesummen d'Offer weider an d'Luucht dreiwé mussen an esou duerch déi öffentlech Hand, duerch de Staat an d'Gemengen, mee och duerch d'Privatpromoteuren, méi séier an eng gréisser Unzuel u bezuelbarem Wunnraum schafe mussen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wichteg ze ernimmen ass, dass nieft de Wunnengen, déi iwwer d'SNHBM op de Marché kommen, och ee Gebai mixte realiséiert gëtt, an deem 60 Wunnenge fir d'Armée virgesi sinn. Och verschidde Verwaltung wäerten dann hei eng Plaz fannen. Ganz no beim nationalen a kommunale Wëllen, fir nei, dynamesch an attraktiv Wunnquartieren ze schafen, entsprécht dës PAP „Cité militaire“ zu 100 % dem Prinzip vum der Nothaltegeet. Dës Wunnprojekt wäert vun enger noer a gudder öffentlecher Verkéiersubannung, wéi mäi Kolleg Marc Lies dat eeben och elo gesot huet, an öffentleche schouleschen Infrastrukture profitéieren. Donieft sinn divers öffentlech Servicer an eng flott Gréngzon a ganz noer Noperschaft.

Wat de Verkéier ugeet, gëtt e sougenannte Shared Space konzipéiert, dee festhält, dass d'Autoen, d'Vëloen an d'Foussgänger sech d'Strooss deelen an d'Geschwindegkeet op 20 km/h begrenzt gëtt. Dës Konzept soll den Autosverkéier reduzéieren an eng méi sécher Mobilitéit fir d'Awunner erméiglechen, ganz nom Prinzip vum Mateneen an am géigesäitege Respekt, wou déi sougenannt „Staark“ am Stroosseverkéier, also déi Motoriséiert, am Respekt deene „Schwaachen“ am Verkéier begéien.

Net ze vergiessen – a komescherweis steet dat net am Rapport an och a kengem Avis –: Duerch déi limitéiert Vitess bréngt e Shared Space virun allem awer méi Rou an e Quartier eran. Dës ass en Aspekt, dee ganz oft vergiess gëtt an dach fir d'Leit vu grousser Bedeitung ass a staark appreciéiert gëtt. D'Leit kommen am Shared Space zesummen, sief et op flott amenagéierte Plazen oder souguer op Terrassen, a sinn domat carrement Deel vum Stroossebild.

Des Weideren ass ze begrëssen, dass de ganze Wunnquartier exzellent un divers Foussgängerweeër Richtung Zentrum vum Dikrech a laanscht d'Sauer ugebonne gëtt. An et muss een och onbedéngt erwirhewen, dass dës Wunnquartier eng innovativ Approche zur Parkingsproblematik duerstellt. Déi ganz Unzuel vu Parkplazen vun de jeeweilige Wunnkomplexer gëtt an engem eenzege grousser Parking regruppéiert. Donieft ginn an dësem Parking och déi öffentlech Parkplazen, och fir d'Vëloen, integréiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, jo, d'Realisatioun vum esou engem Projet wéi dësem schléit natierlech an d'Käschten, wéi et jo och am Avis vun der Chambre de Commerce ervirgehuewe gëtt. Ouni Zweifel sinn dës Investissementer awer net vu Muttwëll. Ganz am Géigendeel, si mussen sinn! De Staat ass amgaangen, seng Hausaufgaben am Beräich vun der Offer u Logementen ze maachen, och – an do si mer eis alleguerten heibannen eens – wann dat de Moment nach net duergeet. Ech behaupten awer a soen, dass mer um richtige Wee sinn a méi a virun allem méi schnell Wunnenge realiséiert ginn.

An deem Sënn ginn ech heimat den Accord vun der Demokratescher Partei a soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Colabianchi. An d'Wuert geet un den honorabelen Här Yves Cruchten.

M. Yves Cruchten (LSAP) | Merci, Här President, a merci och der Rapportrice fir hire ganz gudder Rapport,

deen esou komplett war, dass een net méi groussaarteg muss drop agoen. Als LSAP si mir ëmmer frou, hei Finanzéierungsgesetzer ze stëmmen, déi d'Zil hunn, neien abordable Wunnraum ze schafen, an dat heiten ass eent vun deenen. Mir hunn där an dëser Legislaturperiod jo schonn eng Partie gestëmmt. Ech erënneren un Diddeleng, ech erënneren u Wolz, ech erënneren och un Elmen. Dat heiten ass e weidert.

Mee ech schlësse mech awer och all deenen un, déi bei dëser Geleeënheet och ëmmer drop hiweisen, wéi laang et dauert, bis mer esou Saache realiséiert hunn – an hei ass erëm esou e Fall. Et ass dacks esou, dass mer hei an der Chamber Projekte stëmmen als Kommissioun, an et wäert net déi nächst Chamberskommissioun sinn, och net déi iwwernächst, mee warscheinlech déi iwwer-iwwernächst, déi dann invitéiert gëtt op d'Aweigung. An dat ass eppes, wat vill Leit dobaussen net kënne verstoen. Och wann et ëmmer fir alles Ursache gëtt, dat kann een net, dat d'äerf een net bausse vir loossen. Ech menge just, fir déi Wunnengskris hei zu Lëtzebuerg an de Grëff ze kréien, mussen mer einfach a ville Beräicher e gudder Krack méi séier ginn.

Mee selbstverständlech ginn ech hei den Accord zu deem dote Projet. Deen ass gutt a mir sollen deen esou séier wéi méiglech realiséieren.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Cruchten. An ech ginn d'Wuert weider un den Här Jeff Engelen.

M. Jeff Engelen (ADR) | Merci, Här President. Ech géif der Madamm Rapportrice Semiray Ahmedova en härezeleche Merci soe fir hire schrëftlechen a mündleche Rapport. Et ass ëmmer ze begrëssen, wa Wunnenge gebaut ginn, méi speziell an dësen Zäite vu Manktem u Wunnengen. An ech hoffen och an ech drécken de Wunsch aus, dass dës och moderat viru gehale ginn, och verlount ginn. An ech mengen, hei ass e Projet mixte, wou och nach Geschäfte oder aner Saachen, Verwaltungen, drakommen, wou awer och d'Armée en Doheim soll kréien, an dofir wär et gutt, wann déi Wunnengen och viru moderat op finanzieller Basis géife gehale ginn.

Ech soen Iech Merci an ech ginn den Accord vun der ADR zu dësem Projet. Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Engelen. An da wier et un der honorabelen Madamm Nathalie Oberweis.

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | Merci, Här President. Och der Rapportrice nach eng Kéier merci fir hire ganz exzellente Rapport. Mir stëmmen dës Projet natierlech mat a begrësse virun allem, dass néng vun zéng Wunnengen an d'Location abordable solle goen, also e Stéck méi, wéi dat bei vergaangene Projekte vun der SNHBM de Fall war. De Minister kann eis vläicht doriwwer opklären, awéifern dat och e Choix ass vun der SNHBM, déi jo laut Ausso vun hirem Direkter Problemer huet, fir nach Keefer fir hir Logementen ze fannen, an dat opgrond vun de Präisser an de klammenden Zësen, oder ob dës Choix en anere Grond huet.

Mir mengen och, dass de Projet landesplaneresch immens sënnvoll ass, well Leit abordable Wunnraum gebuede kréie sollen op enger vun de prioritär ze entwéckelnde Plazen hei am Land, also an der Nordstad, no bei öffentlechen Infrastrukturen.

Een eenzege gemeinsame Parking fanne mir och besser, wéi vill Parkplazen uechter de Quartier ze bauen. Vlächent muss een och ophalen, dës System als innovativ ze bezeichnen, well et kléngt ëmmer sou exklusiv an entsprécht jo och net méi der Realitéit. Net all Haus brauch jo onbedéngt zwou Parkplazen, ech

mengen, do mussen mer onbedéngt dovunner fort kommen. Zu Lëtzebuerg gëtt et dat och schonn op anere Plazen. An am Ausland gëtt et dat natierlech och scho vill méi wäit, virun allem an de Stied natierlech.

Mir ginn awer och ze bedenken, dass mer hei elo iwwer 134 abordable Logementen, 134 abordable Wunnenge schwätzen, déi iwwert déi nächst aacht Joer entstinn. Dat ass e kleng Projekt. Dat soll elo net de Projet schmälere, mee bei engem Manktem vun 10.000 a méi abordable Wunnenge sollt eis dat awer emol weisen, a wéi enge Gréisstenuerdunge mir missten hei schaffen an a wéi enge Gréisstenuerdunge mir eigentlech och e Manktem un abordablem Wunnraum hunn, dee mer onbedéngt an de Grëff ze kréien hunn.

Dee Mesürepak, deen d'Regierung viru Kuerzem virgestallt huet a virgeluecht huet, fir dogéint unzekommen, ass an eisen Aen zimmlech mickreg, wat dës Manktem ugeet. Esou proposéiert jo zum Beispill d'Regierung, dass elo Projekte bis zu 60 Milliounen keen extrat Gesetz méi brauchen, fir d'Prozeduren eeben ze acceleréieren. De legislative Volet vun dësem Gesetz hei huet awer zum Beispill just dräi Méint gebraucht. Also huet et net dorunner geleeën, dass do e Problem ass. Dat ass also net entscheidend. Mir fannen dat also relativ lächerlech, fir dat op deem Wee unzuegoen, a mengen och net, dass dat wierklech een – wéi soll ech soen? –, en Outil ass, fir déi Kris an de Grëff ze kréien am Endeffekt.

A mir mengen och, dass et wichteg ass, d'Projete weiderhin duerch d'Parlament goen ze loossen, fir dass se och eng gewësse Visibilitéit kréien. Et misst opgehale gi mat deene falsche respektiv kosmeetesche Léisungen, wéi dat eeben och elo hei da proposéiert gouf. Ech schwätzen net vun dësem Gesetz, mee vun dem Mesürepak, deen elo op de Wee ginn ass.

Mir fannen et richtig, dass de Staat Projeten an der VEFA opkeeft, wéi dat jo och elo gemaach gouf, an och versicht, déi zu beschtméigleche Konditiounen opzekafen, well et geet jo finalement ëm d'öffentlech Gelder. Dat muss nach méi gemaach ginn. Et muss kaaft ginn, et muss gebaut ginn, et muss renovéiert ginn. An de Staat an d'Gemenge mussen wierklech no vir goen an et selwer maachen, anstatt dass Appeller un d'Gemengen erausginn a riets a lénks e puer Subventiounen un d'Stëit vergi ginn an der Hoffnung, dass eppes geschitt. Firwat net och elo Baulücken, déi riskéieren ze entstoen, iwwer öffentlech Projeten opfänken?

Ënnert dem Stréch, wéi gesot: Mir begrëssen dës Projet natierlech. Villmools merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Oberweis. An de leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

M. Marc Goergen (Piraten) | Merci, Här President. Merci der Madamm Ahmedova fir dee gudder schrëftlechen a mündleche Rapport. Hei geet et ëm abordable Wunnraum an natierlech si mir Piraten domat averstanen a wäerten och eisen Accord ginn.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Goergen.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Wunnengsbau-minister Henri Kox.

Prise de position du Gouvernement

M. Henri Kox, Ministre du Logement | Merci, Här President. Erlaabt mer, dass ech och nach eng Kéier kuerz d'Wuert ergräifen, vu dass eng Rei Froe gestallt goufen. Sou erlaabt dat mer et, och eenzel dorop ze äntwerten. Fir d'éischt natierlech e Merci un

d'Rapportrice fir dee ganz ausföerleche mündleche Rapport hei, natierlech och fir de schréftlechen. An da kann ech schonn direkt op déi eenzel Punkten agoen.

Den Här Cruchten huet et gesot, et reit sech an an eng Serie vu Projet-d'enverguren, déi mer hei gestëmmt hunn. Dëst ass de sechsten an deene leschte Joren. Wéini hu mer ugefaangen? Elmen, de Projet de loi Elmen vum PAP 1 ass 2020 gestëmmt ginn, an du sinn déi successiv Projekte komm. Haut, wéi gesot, de sechsten. Zweek kommen der nach no, sécherlech. Hoffentlech kann ech déi nach deposéieren. Dat ass Elmen 2 an Izeger Knupp. An da wäerte mer op zwee vlächten kënne verzichten, well mer jo am Kader vun der Mesüre vun der Taskforce d'Envergure vu 40 op 60 Milliounen an d'Luucht gesat hunn.

Dat alles zesummen, déi zéng Projeten zesumme wäerten eng Envergure vun 3.300 Wunnengen an – net schlecht – vun 1,5 Milliarden hunn, déi mer dann als dës Regierung, zesumme mat Iech hei an der Chamber, investéiert hunn.

Et gräift esou lues, dass mer an d'Locatiounswunnengen investéieren. D'lescht Joer ass de Stock vun d'effentleche Locatiounswunnengen ëm 5 % an d'Luucht gaangen. Dat heescht, wa mer zesummen eng Schëpp uleeën, da gi mer och an déi richteg Richtung.

Vlächten zu deene puer Remarken, déi gesot gi sinn. Dat Éischt ass, dass mer hei nient Wunnengen, abordable Wunnengen, och Wunnenge fir d'Militär schafen, awer och e Verwaltungsgebai. Et muss ee soen, dass am Laf vun der Iwwerschaffung vun dësem Projet éischters d'Densitéit an d'Luucht gesat gouf an zweetens vill méi Fläch an d'Administratioun gaangen ass. A wann ech den Här Lies virdru richteg verstanen hunn, muss mer iwwerleeën, ob eng SNHBM esou Projeten an Zukunft nach soll iwwerhuelen, wëssend, dass hei awer hir Erfahrung derzou bäigedroen huet, dass mer méi dense konnte bauen, méi Wunnenge konnte bauen an awer och méi Wunnengen oder méi Fläch fir d'Verwaltung kënne huelen.

(Brouhaha)

Zukünfteg, mengen ech, sinn ech och net onbedéngt derfir, dass eng SNHBM oder e Fonds du logement ...

M. Fernand Etgen, Président | Wannechgelift, e bësse méi roueg!

M. Henri Kox, Ministre du Logement | Dat ass eng gutt Iddi. Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Ech hu ganz vill gutt Iddien.

M. Henri Kox, Ministre du Logement | O, exzellent!

(Hilarité)

Ma d'Verwaltungsgebai ass sécherlech op där Plaz ganz wichteg.

An da kann ech och direkt op déi Längt agoen. Den Här Cruchten huet gesot, dass et laang dauert. Natierlech, dat hei ass e Verwaltungsgebai, wou nach ganz vill Aktivitéiten dra sinn. Et waren och Gebaier, déi elo ofgerappt ginn, déi sinn amgaang ofgerappt ze ginn. Mir hu jo eng Iwwergangsléisung gesicht, fir déi Gebaier, wa se nach notzbar waren, och direkt kënne ze notzen. Dofir, innerhalb vun engem Joer, oder dat lescht Joer bis elo Enn dës Mounts konnte Flüchtlingen aus der Ukrain do eng Zäitche wunnen, an dat ass dee Raum, dee mer do konnten notzen. Elo muss natierlech sanéiert ginn, dat hëlt seng Zäit an Usproch. An dat wär och bei engem privaten Investisseur esou de Fall gewiescht, well et ass matzen an engem Stadkär.

Hei ass ganz vill mat Privaten zesummegeschafft ginn, och do eng Äntwert vlächten op den Här Lies. Éischters, et ass privat entwéckelt ginn an all d'Ausschreiwungen,

alles, wat do gebaut gëtt, si Privater, déi dat natierlech nom Kader vun dem Ausschreibungsgesetz och wäerte realiséieren.

De Wunnquartier un der Sauer mat 124 bezuelbare Wunnengen ass ideal op där Plaz. A wa mer elo déi Fro vun der Locatioun kucken: D'Gesetz erlaabt eis et elo, op eng Héicht vun 90 % Locatiounswunnengen ze goen. Wou mer dann herno landen, muss nach gekuckt ginn. Dir musst och de Projet allkéiers eenzel am ganzen Ennvironnement kucken. Et ass net deen eenzege Projet, dee gekuckt gëtt, mee: A wéi ee Quartier wäert dee Projet kommen? Wéi ass do d'Locatiounssituatioun? Soudass mer iwwerall do Offer schafen, wou a sech net genuch Offer ass. An hei ass dat ideal gewielt ginn.

Vlächten nach e puer Wuert zu dem Projet selwer. Hei mierkt een, wann een eng exzellent Zesummenaarbecht mat enger Gemeng mécht, dass flott Saache kënne erauskommen. D'Madam Oberweis hat gesot vun de Parkingen, dass dat keng Innovatioun wier. Mee ech mengen, mir gesinn awer oft, dass do awer nach Retizienz ass, fir Parkingsraum ze reduzéieren. An hei si mer jo mat der Gemeng, mat der Stad Dikrech, zesummen op eng Léisung komm, wou si selwer da gesot hunn: „Hei, mir maachen dann d'Gestioun als Gemeng vun deem Parking, soudass am Dag déi Leit kënne do parken, déi do schaffen, an owes déi Leit do kënne parken, déi do wunnen.“

Domadder reduzéiere mer de Parkraum, an den effentleche Raum, deen uewendriwwer entsteet, gëtt fir déi zougänglech, déi a sech dann an deene Wunnenge wunnen. An et ass dat jo déi nei konzeptuell Entwécklung, déi mer an de Stied mussen sichen. Dofir sinn ech frou, dass hei exzellent zesumme geschafft ginn ass, e puer Verwaltungen zesumme mat der Stad Dikrech. An et weist, dass an anere Gemengen änlech Projeten änlech kënne no vir bruecht ginn. Dofir kann ech hei nëmme jidderengem Merci soen, deen hei matgeholfen huet.

Vlächten nach e Wuert zu de Käschten. Ech war e bëssen iwwerrascht, wéi ech den Avis vun der Chambre de Commerce gelies hunn, well se gesot hunn, dee gesamte Montant vun 190 Milliounen géif an de bezuelbare Wunnengsbau goen. Dat ass net esou, et muss een dat differenzéieren. An hei sinn et eeben 53 Milliounen, déi da reng fir bezuelbare Wunnraum ze schafe sinn, an déi aner – et ass scho gesot ginn – 137 Milliounen sinn da fir d'Verwaltungsgebai an d'Wunnenge fir d'Armée.

Ech mengen, domadder hätt ech alles gesot. Nach eng Kéier villmools merci. Eng gutt Zesummenaarbecht, Densificatioun an engem Beräich, wou mer méi kënne maachen, de Logement pro Hektar, et ass gesot ginn, 90 an engem stätesche Beräich, et ass dat, wat mer ustriewe mussen. Mir hunn effentlech Mobilitéit direkt virun der Dier. Et ass e flotte Quartier an eng gutt Zesummenaarbecht. Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Wunnengsbauminister Henri Kox. Parole après ministre fir den Här Fernand Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Här President, ech hunn dem Här Minister gutt nogelauschert, mee ech mengen awer nach net d'Äntwert gehéiert ze hunn op dem Här Engelen seng Fro iwwert d'Héicht vum Loyer. Well ech mengen, d'Cité militaire soll jo awer no do bei der Kasär sinn, a fir datt d'Militär och do ka wunnen, muss et en ugepasste Loyer sinn, soss huet et jo an deem Sënn kee Wäert.

Dofir wollt ech den Här Minister froen, ob en do mat de Gewerkschaften iergendwéi a Kontakt ass, fir awer ze kucken, datt déi Cité militaire och ka fir deen Zweck benotzt ginn, wéi den Numm et undeit.

Ech soen Iech Merci.

M. Henri Kox, Ministre du Logement | Dat wäert och an der Realitéit esou passéieren. Schon eleng déi Wunnengen, déi 124, déi am Logement abordable sinn, déi ginn nom Akommes gekuckt, an d'Militär wäert sech deementspreechend och upassen. Dat heescht, et gëtt en abordable Loyer, dee korrespondéiert zu deem Akommes vun deene Leit, déi do wunnen. Fir eis ass dat d'Gesetz, dat mer amgaang si mam Logement abordable ze fësseléieren, do wäerte mer och deemnächst nach Amendementer maachen. Et ass dat d'Iddi, déi derhannerstécht, an d'Armée wäert sech deem upassen.

Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci fir déi Preziosiounen. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss.

Mir kommen zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8197. Den Text steet am Document parlementaire 8197².

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8197 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmegeg uegholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Claude Wiseler et Michel Wolter ;

Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Frank Colabianchi) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch (par Mme Simone Asselborn-Bintz), Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass esou decidéiert.

9. Motion de M. Léon Gloden relative à la présentation d'un projet de loi qui évite toute discrimination des fonctionnaires du cadre policier du groupe de traitement C1 qui disposent du diplôme requis pour accéder par reclassement au groupe de traitement B1

(Motion déposée en séance publique n° 49 du 16 mai 2023 – à consulter au compte rendu n° 17/2022-2023 en page 9)